N°8267
Entrée le 28.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/08/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.

Wéi den 100,7 den 25ten August gemellt huet, ginn d'Leit, déi op Lëtzbuerg flüchten, nëmmen nach an de Centre de primo-acceuil um Kierchbierg gelooss, wann se virdrun een Dossier opgemaach hunn:

> "*Déi Betraffe mussen elo fir d'éischt hir Demande bei der Direction de l'Immigration op der Areler Strooss maachen. Där hir Büroe sinn awer nëmmen op Wochendeeg, vun hallwer 9 Moies bis 12 Mëttes, op."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn d'Öffnungszäiten vun der Direction de l'Immigration dann op Nomëttes erweidert, fir bescht méiglech ze verhënneren, dass d'Leit op der Strooss musse schlofen? Wäert eng Permanence de Weekend geschafe ginn?

2. An der Erklärung vum Ministère heescht et laut 100,7:

   > *"Zu de Grënn, firwat d'Reegele fir den Accès an de Centre de primo-Accueil geännert goufen, sot de Ministère eis, datt festgestallt gi wier, datt 30 Prozent vun de Leit, déi an de CPA koumen, duerno guer keng Demande fir Protektioun gemaach hätten oder verschwonne wieren."*

   1. Wéi vill Prozent maachen keng Demande?
   2. Wat ass fir de Ministère den Delai ab deem een seet, dass eng Persoun keng Demande gemaach huet nodeems se am Centre ukomm ass? Wat gëtt am deem Fall gemaach, fir d'Leit opzeklären, dass se eng Demande musse maachen?
   3. Goufen d'Leit dann no enger gewëssener Zäit aus dem Centre ausgeschloss wann se keng Demande stellen? Wa jo, wat war den Delai?
   4. Wéi vill Prozent si verschwonnen?

3. Ginn d'Leit iwwert d'Iwwernuechtungsstrukturen fir Sans-abrisen opgekläert, wann se net an den Centre eragelooss ginn?

4. Weess de Ministère wat mat deenen 78 Leit geschitt ass, déi an deene leschten 2 Wochen

ofgewisse gi sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten